

Vun Eechelen a Kalbassen

Do wou d'Héichhäus am allerhéichsten as, feieren um Virowend vun dësem Neklosdag d'Verwaltungsreit vun e puer äuslänneschen a vun enger lëtzebuergescher Institutioun de glécklechen Ofschloss vun hire Fusiounsgespräicher. D'Fusiounskand heescht SII (Société Internationale des Institutions), an 't as e kale Buffet opgebaut gin, vun deem een nach beim Aperitiv gemengt hätt, 't kéim kee Mënsch op d'Iddi, fir dee kapott ze maachen. Mä dat war ëm eng Auer, a lo as et der zwou. Em eng hätt een och nach gemengt, 't géif nëmmen englesch geschwat, well du stoungen dé zwee Lëtzeburger SII-Leit nach ënnert deenen aneren.

„Wat fänke mer da lo un?“, kënnt de Pir bei de Jos, dee bei der Fënster steet a räus an de verhaangene Kiirchbierger Himmel stuurkt. A well de Pir weess, datt de Jos souwisou keng zerguttstert Äntwert parat huet, freet e méi konkret, iwwerdeems en äus engem Cocktailsglas mat drugeklaamtem Schampesglas Crevette pickt: „Wëlls du näischt?“

„Da's eng al Gewunnecht vu mir“, seet de Jos, deen zënter de Mueren zéng Auer den Direkteschposte vun der SII lass as. „Wann ech weess, 't gët kale Buffet, dann iessen ech virdrun en Zos-


sisbréitchechen oder en Hamburger, fir mech herno nët missen an dat Gewull ze geheien. Kuck der se dach nëmmen un, ob wäiss oder giel oder schwaarz! Och hir Kravatten! An da frees de dech, wien do mol wien Zivilisatioun bäibruecht huet. Du mings, 't géing ëm d'Iwwerliewe wéi op der Titanic.

„'t geet jo och vläicht dodrëm“, mäufelt de Pir; „ech iessen nëmmen däers hei, an däers war ech mer zweemol nohuelen, well 't as dat bescht.“ Hie schléckt eng Kéier, klaamt d'Schampesglas lass, hëlt eng Schlupp an hänkt dann hannendrun: „'t as souwisou eis Henkeschmoolzecht, vergiess dat nët!“

De Jos vergësst et nët. Den Direkter Jos an de Soudirekter Pir kucken allebéid zur Fënster räus, a wëssen, datt fir si haut kee Kleeschen, mä den Houseker koum; datt si vum Januar u mat voller Pai doheem bleiwen, a geschwënn duerno fréizäiteg a Pensioun goen duerfen.

De Pir mengt, de Kiirchbierg geséich well äus wéi e Stéck Manhattan.

De Jos seet laang näischt. „Deen Neie Kiirchbierg as kee Bierg, en huet awer keng Kiirch“, seet en dann dréchen.



Dem Pir bleift de Mond opstoen, mä de Jos explizéiert sech: „Mäi Papp sot ëmmer sou. Wusst du, datt ech vum Ale Kiirchbiereg gebier- teg sin, an datt mäi Papp hei um Plateau séng Kabesheeder gezillt huet; ongeféier do, wou haut de Justizpalais ze raschte steet? Ajo, ech sin e Bauerejong, mäi Jong! A wéi s de gesäis, hun déi dommste Baueren nët nëmmen déi déckste Kabeskäpp, mä och Jongen, deenen um Enn déi Kabeskäpp rofgeschnidde gin.“

„t kënt een en och «Kleng-Brasilia» nen- nen“, fënnt de Pir, an de Jos weess domat, datt de Pir him nees nët nogeläuschtert huet. „Zwou vun deene neie Stroosse sollen op den Taillibert an op de Pei gedeeft gin, 't gouf am Gemengerot dervu geschwat.“

De Jos mengt, an deem Fall hätten se deen neie Rondpoint jo och kënnen op den Alphonse Daudet deefen; wéinst dem „Monsieur le sous- préfet Auchan“. De Pir laacht haart; dat mécht en ëmmer, wann en e Witz nët versteet.

„Wat maachen se da lo an de Pei?“, fänkt en eng aner Ried un; „fir datt ee weess, wat ee kucke geet, wann ee pensionéiert as.“

Ee vun de japaneschen SII-Leit kënt erbäi- getrëppelt a freet sech Feier fir séng Davidoff. D'Davidoff as sou déck an sou laang, datt dee klenge Japaner se verbassen téscht den Zänn unhale muss. De Pir zervéiert hien, de Japaner vernäipt sech matt der Zigar am Bak an trëppelt.

„Dräi Eechelen“, grommelt de Jos bei der Fënster, „Kenns du d'Geschicht vun der Eechel a vun der Kalbass? Ech muss ëmmer un déi denken, wann ech u méngem Papp séng Kiirchbiereg Kabesheeder denken.“

De Pir kennt d'Geschicht nët, mä hie freet einfach „firwat?“.

„Wann dir eng Eechel op d'Nues fällt, da ver- stees de, firwat d'Kalbassen nët op den héije Beem wuessen, mä iwwert de Buedem kräichen. Méngem Papp séng Kabesheeder sin och nët héich iwwert dem Buedem gewuess. Awer d'Lëtze- buerger Bauerejongen, Banker, Politiker an aner Ticker hu gemengt, si missten d'Lëtzebuerger Kalbasse sou héich wéi méiglech hänken.“

„Dat do as mir ze reng“, seet de Pir a freet sech, ob dat scho kënt vun där véierter Coupe Schampes sin.

De Jos dréit sech ëm. De kale Buffet gesäit äus, wéi wann e kale Blëtz drageschloen hätt. Kee Schwäi beuecht d'Reschter. Déi véier portu- gisesch Garçone stin do näischt ze maachen a bekucken sech, wéi wann se wëllte soen, lo geheie mer déi houeren Äusländer gläich räus. D'Englän- ner schwätze mat deenen äus der Transkei, an d'Japaner schéngen sech ruckelzeg Witzer ze ver- zielen.

„Géi fro d'Japsen“, grommelt de Jos ier- gerlech; „déi soen der laaches Monds, vum wéi- villte Stack d'Kalbassen haut nees e puer Bauere- jongen op de Kapp gefall sin.“

Dat kann de Pir wiirklech nët verstoen, well dobäussen hummert e Jumbo laanscht d'Fënster. Eenzock drécke véier Japaner de Jos an de Pir mat den lelebéi op d'Säit, fir eng Photo ze maachen.



Guy Hoffmann